ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

# Ettelbrécker Spidol:

# “service mobile” fir d’Palliativbetreiung gëtt ofgeschaaft!

## Bezierk Norden

*Pressematdeelung vum 8. Februar 2021*

D’Decisioun, mat där d’Infirmiere vum “service mobile” fir d’Palliativbetreiung am Ettelbrécker Spidol viru ronn dräi Deeg konfrontéiert goufen, ass e ganz staarkt Stéck: De “service mobile” fir d’Palliativbetreiung, dee viru ronn zwee Joerzéngten am Ettelbrécker Spidol an d’Liewe geruff ginn ass, gëtt mam Datum vum 1. Mäerz ofgeschaaft. Eng siwen Infirmiere schaffen aktuell an deem Service fir d’Wuel vum Patient, deen eng Palliativbetreiung brauch. De “service mobile” fir d’Palliativmedezin bitt eng sëllege Virdeeler:

- Déi erfueren Infirmieren, déi dëse Service assuréieren, sinn dauernd a Kontakt mat den Onkologe vum Ettelbrécker Spidol. Si kënnen an deem Kontext séier an onkompliz éiert op d’Bedürfnisser vum Patient agoen. Dëst huet de grousse Virdeel, datt dem Patient esou séier wéi méiglech gehollef gëtt an dësen net onnéideg waarden, respektiv, leide muss.
- Déi erfueren Infirmieren, déi dëse Service assuréieren, hunn eng mobil Apdikt dobäi a kënnen an der Reegel de Patient mat de néidege Medikamenter traitéieren. Dozou gehéiert ë.a. och d’Upasse vun de Medikamenter a Baxteren, virun allem am Hibléck op d’Schmäerztherapie oder awer wann et ëm d’Ernierung vum Patient geet, deen d’Iessen net méi selwer kann zou sech huelen.
- Déi erfueren Infirmieren, déi dëse Service assuréieren, bauen e Vertrauensverhältnes zum Patient op. An der Reegel fiert ëmmer déi nämmlecht/dee nämmlechten Infirmier bei déi betraffe Famill. D’Infirmiere kennen also d’Krankheetsgeschicht vum Patient, dem Patient säi familiäert Ëmfeld a seng Suergen an Doleancen.
- Duerch d’Kompetenz vun den Infirmieren an hiren direkten Drot zu de Palliativmedeziner am Ettelbrécker Spidol kann a ville Fäll séchergestallt ginn, datt de Patient – sou wéi hien sech dat wënscht – esou laang wéi méiglech doheem versuergt ka ginn an a ville Fäll och doheem, am gewinnten Ëmfeld, senge Léifsten Äddi soe kann.
- Palliativpatienten, déi ab engem gewësse Moment leider net méi doheem versuergt kënne ginn a mussen an d’Klinick goen, hunn de Virdeel, datt si dee Moment am Spidol betreit gi vun den Infirmieren, déi si scho vun doheem aus kennen. Dëst schaaft eng méi familiär Atmosphär, wat grad fir Patienten, déi um Enn vun hirem Liewen ukomm sinn, onbedéngt wichteg ass.

D’Roserei vun de betraffene Leit, datt dëse Service elo ofgeschaaft gëtt, ass méi wéi berechtegt. Am Endeffekt wäert et de Patient sinn, deen am meeschten ënnert dëser Decisioun wäert leiden. D’Nodeeler leien op der Hand:

- De Patient, deen eng Palliativbetreiung brauch, muss onnéideg laang op en Traitement waarden, well den ambulante Fleegedéngscht net op déi selwecht Manéier ausgestatt ass (mobil Apdikt), fir dem Patient direkt den néidegen Traitement zoukommen ze loossen. De Patient muss an deem Fall dacks onnéideg laang leiden.
- D'Infirmiere vum ambulante Fleegedéngscht hunn net den direkten Drot zu den Onkologen a Palliativmedeziner a kënnen domat net esou séier an onkomplizéiert reagéieren, respektiv, den Traitement assuréieren, ewéi d'Infirmiere vum "service mobile" aus dem Ettelbrécker Spidol.
- Fir iwwerhaapt adequat reagéieren ze kënnen, mussen d'Infirmiere vun den ambulaten Fleegedéngschter fir den Traitement vum Patient ganz dacks eng Ordonnance médical ufroen, respektiv, d'Ambulanz ruffen. Dëst ass mat onnéidege Waardezäite fir de Patient verbonnen a verursaacht iwwerdeems onnéideg Käschten.
- Déi ambulant Fleegedéngschter mussen sech elo schonns ganz dacks mat de Infirmiere vum "service mobile" aus dem Ettelbrécker Spidol koordinéieren, well si dacks iwwerfuerdert sinn, wat de richtegen Traitement vum Palliativpatient ugeet.
- Et ass fir d'Palliativpatienten onméiglech, e perséinlechen Drot zu den Infirmieren vun den ambulante Fleegedéngschter opzebaue well bei den ambulante Fleegedéngschter meeschtens ëmmer aner Infirmieren an d'Haus kommen, fir de Patient ze betreien. Deemno kennen si dat familiäert Ëmfeld, d'Krankheetsgeschicht an d'Doleancë vum Patient manner gutt a kënnen net esou op d'Doleance vum Patient agoen, wéi dat eigentlech misst sinn.

All dës Consideratiounen an Argumenter goufen och an enger dréngender parlamentarescher Fro vum ADR-Nord-Deputéierte Jeff Engelen opgegraff. D'Drénglechkeet vun der Fro gouf iwwerdeems vun der Chamber unerkannt.

D'ADR wäert op alle Fall zesumme mat de concernéierten Acteuren um Terrain alles dofir maachen, fir ze verhënneren, datt dëse weesentleche Service opgeléist gëtt.